ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Säit dem Ufank vun der COVID-Kris ass d'Iwwerlaaschtung vum Gesondheets- a Fleegepersonal zu engem vun den entscheedende Krittäre fir politesch Agréffer an d'Ekonomie an, an d'Privatliewe vun de Leit an engem nach ni gekanntem Ausmooss avancéiert, ouni awer, datt fir dës Iwwerlaaschtung jee e konkrete, statisteschen Indicateur definéiert a matgedeelt gi wier.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi hunn sech déi absolut Zuele vun de fräiberufflechen Dokteren, den ugestallten Dokteren souwéi den Infirmièren am Gesondheets- a Fleegepersonal zu Lëtzebuerg wärend de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt?
2) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuel vun den Awunner, d'Zuel vun de Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule, d'Zuele vun de fräiberufflechen Dokteren, den ugestallten Dokteren souwéi den Infirmièren am Gesondheets- a Fleegepersonal wärend de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt hunn, a wéi vill Awunner a Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule sech jeeweils op een Dokter (cumuléiert) an eng Infirmière aus dem Gesondheetsberäich verdeelt hunn?
3) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Gesamtzuel vun den Awunner vun Alters- a Fleegeheemer, souwéi Leit déi en allgemenge Fleegedéngscht an Usproch huele wärend de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt huet, a wéi vill vun deene genannte Persounen sech jeeweils op eng Infirmière verdeelt hunn? Kann d'Madamm Minister fir dee genannten Zäitraum w.e.g de järlechen Duerchschnëttsalter vun der Bevëlkerung preziséieren?
4) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Iwwerstonnen déi ugestallten Dokteren, an d'Infirmièren aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils insgesamt geleescht hunn a wéi dës Iwwerstonnen sech zum engen op déi eenzel Personalgruppe verdeelen a wéi vill Iwwerstonnen domat jeeweils duerchschnëttlech op ee Vertrieder vun deenen eenzele Personalgruppen entfall sinn? Kann d'Regierung preziséieren op wéi eng dräi Méint de Pic vun de geleeschten Iwwerstonnen wärend deene genannte Jore jeeweils entfall ass an op wéi eng dräi Méint de Pic vun der Kompensatioun vun de geleeschten Iwwerstonne wärend deene genannte Jore jeeweils entfall ass?

5) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Stonne Krankeschäin wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur entfall sinn a wéi vill Stonne Krankeschäin dëst jeeweils am Duerchschnëtt pro Persoun pro genannter Beruffsgrupp entsprach huet?
6) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen un zweckgebonnenem Congé (zum Beispill den Elterecongé) wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur entfall sinn a wéi vill Stonne Congé dëst jeeweils am Duerchschnëtt pro Persoun pro genannter Beruffsgrupp entsprach huet?
7) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen am Gesondheets- a Fleegesecteur am Joer 2020 spezifesch op d'Ëmsetzung vu COVID-Veruerdnunge vun der Regierung entfall sinn, dëst souwuel "um Terrain" wéi och um Niveau vun der administrativer Kontroll?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten